

# 13 000 Euro fir Leit, déi Hëllef brauchen

D'Kleederstuff huet hiren Erléis u fënnef Associationoune gespent



*Den Erléis vun de verkaafte Kleeder gëtt all Joer verdeelt.*

**Miersch.** Et sinn eng zéng Dammen, déi sech säit Joren ëm d'Mierscher Kleederstuff këmmernen.

Dat heesch, vill Stonne benevol verbréngen, Kleeder sammelen, en Tri maachen, Kleeder préiwen an araumen, fir se sou herno zu ganz soziale Präisser u bedürfteg Bierger ze verkafen. Den Er-

léis vun de verkaafte Kleeder gëtt all Joer verdeelt duerch d'Iwwerreeche vu verschiddene Schecken un Associationounen, déi sech zum Zil gesat hunn, manner bemëttelten oder fleegebedürftege Leit ze hällefén.

Dëst Joer sinn esou vun de Verantwortlechen aus der Kleederstuff folgend Schecken iwwer-

reecht ginn: 4 000 Euro un de Plooschterprojet, 4 000 Euro u Luxrollers, 4 000 Euro u Wäertvollt Liewen a je 500 Euro un ADRA a Foi et Lumière. Déi Verantwortlech vun deene fënnef Associationoune soten e grousse Merci un déi benevol schaffend Dammen aus der Kleederstuff.

*Henri Krier via mywort.lu*